AKTIOUN BAMBËSCH

Et sin och dëst Joer erëm méi wéi dausend Kanner, déi ënner der Leedong vum Här Aloyse Ramponi un der Aktioun Bambësch deelhuelen.

Nët nëmmen fir déi Kleng aus der Spillschoul oder aus dem Primärunterrecht, mä och fir Jugendlecher vu 15 bis 20 Joer stin Fräizäitaktivitéiten wéi Theater, Pantomim, Danz a vill aner interessant a léierräich Saachen um Programm.

Eng véierzech Moniteuren wärten dofir suergen, dat d'Kanner eng flott a sënnvoll Vakanz bei der Aktioun Bambësch verbrénge kënnen. A fir dat se all Dag sécher dohin an och erëm heemkommen, duerfir gët et ërem wéi all Joer e spezialen Autobusdéngscht, dee mer an de Giele Säiten vun dëser ONS STAD-Nummer genee virstellen.

1981 as an der Millebaach niewent der Spillschoul de Chalet vun der „Aktioun Bambësch" opgeriicht gin. Niewent de Büroen, wou den Här Ramponi a seng Sekretärin schaffen, sin och eng Rei grouss Säll ugeluecht gin, sou dat d'Aktivitéiten bei schlechtem Wieder och bannenan kënne stattfannen. Hannert dem Chalet gët et och nach e groussen Amphitheater mat Plazen fir 300 Kanner.